



## D'Scouts-Joer 2005/2006 bei de Scouten St. Martin Duelem

- Freides a Samsdes den 2ten an 3ten te September 2005 waren eng Reih vun eise Cheffen an Amicales-Leit am Asatz. Mat **Grillen**, Gedrénks an Eisekuchen-Maachen a Verkaafen beim **Cactus Howald** hun sie eis Kees fir déi nei Saison gestärkt.
- Dëschdes den 13ten September huet sëch **d'Chefféquipe** am Home zesammenfonnt, fir e Programm fir déi nei Saison opzestellen. Eng ganz Rëtsch vun Aktiounen waren ze organiséieren. Waat? Ma da lies virun:
- Mëttwochs den 14ten September 2005 hat eise Chefféquipe eng **Réunioun mam Kiircheroot** wéinst dem Kontrakt mat der Gemeng iwert eisen Home, deen laut Pläng vun der aler Gemeng, sollt ofgerappt ginn. .
- Mëttwochs den 21ten September ware mir um **Kongress vum Verband vun den LGS** an der Zentral derbei.
- Samsdeg den 24ten September hate mir all eise Scouten a Cheffen op e **Feuerlöschexercice** mat de Pompjéen an uschlëssender **Fierkelsfriess** beim Home invitéiert.
- Sontes 25ten September 2005 war de **Cheffdag** vun den LGS zu Useldeng , 12 Leit vun eise waren dobei (ë.a. Martine a Joelle fir eise nei Biberbranche !!!!!)
- Dëschdeg 27ten September giong et endlech nees lass mat **der 1ter Versammlung** vun **Avex a Pios**.
- Vu Samsdeg dem 1ten Oktober un waren och eise **Wëllefcher** nees un mat hiren Versammlungen.
- Sondeg 2ten Oktober hu mir eise zahlreich a ganz a Gréng um **Kommémorationsdag** zu Duelem bedeelegt.
- Dëschdeg den 4ten Oktober hatten mir all eise Kanner, Elteren a Frënn an den Home invitéiert, fir **d'Billen vun de Summercamp'en an Holland an an Italien** ze gesinn. Eng gudd Ambiance, gudd Naschelzegkeeten aus Holland an Italien, verbounn mat engem gudden Patt hun dëss flott Feier enkadréiert.
- Fir Samsdeg den 8ten Oktober war grosses Kino ugesoot. Mat alle Kräften hatten mir eng „**journée du nouveau membre**“ organiséiert, fir nei Kanner bei eise ze féieren. 2500 Ziedelen a Brochuren waren verdeelt, masseg Aktivitéiten op der Wiss a ronderem waren organiséiert. Bis zu 60 Kanner waren mat hiren Elteren lusse komm. Et hat sech rentéiert. Mais wéivill géifen dovun erëmkommen?
- Samsdeg den 15ten Oktober 2005 war de grouse Moment. Eise frësch gebueren Biberchefféquipe, betreit vun der Wëllefcherséquipe stong bereet fir den éischten Asatz. **30 kleng Bibercher** waren do, an och eng ganz Partie nei Wëllef waren hänkebliwwen. Et hat sech also gelount.
- De selwechte WE war och nach de **WE de lancement bei de RARO**. Eng ganz Rëtsch vun eise grouse Frënn waren och hei derbei, fir Duelem ze verrieden. 4 Leit stungen bereet, fir an der neier Saison mat an d'drëtt Welt ( Niger a Vietnam) ze fueren, fir do an engem Entwécklungshëllefprojet geliewten Nächsteléift an Abenteuerloscht ze verbannen.
- Eng Woch drop waren **d'Old Trappers** um Tour. Sie hatten d'Camp trophy 2005 bei den Explorer gewonnen, an duerfir hat d'Chefféquipe hinnen en Nomëtteg zu Saarbrécken an enger Abenteuerpiscine offeréiert. Eng gudd Pizza als Nuetsiessen huet déi flott Sortie ofgerennt
- An der Allerhellegevakanz huet een den neie Schwonk am Grupp gudd bemierkt op de **Cheff-Formationen**. D'Sandy an de Stanislas waren bei den Explorer derbei, d'Joelle, d'Martine an de Marc bei de Biber, an donieft waren d'Val, de Yogi, de Fonny an de Machti op der Formation fir RARO-chef ze gin.
- Donnegdes den 10ten November hate mir mat de Scouten ( dene méih klengen) **Rendez-vous** am Home. Lanteren sollte gebastelt gin, a Lidder waren ze prouwen, mat deenen mir eise, géint der Owend zu Dideléng, un der Feier zum **Mäertensdag** wollte bedeelegen. No Veillée an der Kiirch a Lantere-Cortège duerch Dideléng ( mam Mäerten um Päerd virdrun) hu mir déi Aktioun bei engem Martinsfeier mat Schoky a Kuchemännercher zu Duelem ofgeschloss.
- Samsdes den 18ten November 2005 waren och e puer Leit vun Duelem am gréngen Hiem zu Ruedt-Syr derbei wéi de Verband an enger flotter Feier dem **Grand-duc Jean Merci** gesot huet fir seng 60 Joer Asatz als **Cheff-Scout**.

- Am Hierscht 2005 waren eng Partie vun eise Raro-Cheffen am Jura am Frankreich. Hiren Anti-Aidsfilm (Bleif farweg) , war op dem „festival du film humoristique“ nominéiert. Als responsabel Regisseuren mussten sie dach do derbei sinn, besonnesch wou sie sou fein agelueden waren. Schued nëmmen, dat eise Film keen Prais krut. Sie wären och nach op Cannes oder Montreux dermat gefuer.
- Donnegdes de 24ten November haten d'Gruppecheffen eng **Entrevue mam neie Schäfferot** vun eiser Gemeng. Et goug hauptsächlech em d'Zukunft vun eisem Home. Ganz frouh waren mir, datt deen lo nëtt méih ofgerappt, mais éischters valoriséiert sollt ginn. Eng visite des lieux gouf fir de Januar ofgemaacht.
- Samsdegs de 26ten November 2005 war décke Betrieb am Home. Den Advent stoug virun der Diir, an eng Aberzuel vun **Adventskränz** a Kalenneren waren bestallt. Dank der gudder Viirarbecht vun de gudden Geeschter aus eiser Amicale, hu mir den Asatz termingerecht gepackt, a mëttes haten souguer nach d'Biber eng Versammlung am Home.
- Direkt den Dag drop ass et weidergang. Bei der **porte-ouverte vum Buttek Mosaik** zu Fëlschdrëff, hun eng etlech Scouten aus eisem Grupp matgehollef. Hiren Asatz, sief et am Service oder bei de Gromperekichelcher sollt dozou beidroen, dëss ganz konkret Aktioun vu geliewter Nächsteléift ze ënnerstëtzen a méih bekannt ze maachen.
- Donnegdes den 1ten Dezember waren e puer vun eise Raro'en derbei, wéi (ënnert aneren) hiren praisgekréinten AntiAids Film bei den offiziellen Manifestatiounen zum **internationalen Weltaidsdag** a Präsenz vum Gesondheitsminister präsentéiert gouf.
- Donnegdegs de 15ten Dezember 2005, hun eis Pio'en an der Duelemer Kiirch eis **Krëppchen** nees opgeriicht, an esou atmosphäresch alles vir Krëschtdag viirbereed.
- Méindes den 19ten Dezember si mir mat enger grousser Delegatioun op Schëffläng **d'Friddensliicht vu Betlehem** sichen gefuer.
- Schons den Dag drop waren mir mat der Flaam duerch d'Daischttert ënnerwee op Duelem. E klengen Pélérinage mat Meditatioun a Schnéiballschlacht huet déi grouss Scouten vun Medingen aus, an déi kleng vu Welfräng hier mat dem Friddensliicht an den Home geféiert, wou d'Lisi an de Steve fir eis eng gudd **Spaghetti** viirbereed haten. Eng kurz , awer gemeinsam **Krëschteveillé** mat alle Branchen zesummen ( a mat klenger Bescheerung) huet dësen Dag ofgeschloss. Lo konnt et Krëschtdag ginn.
- Samsdegs den 24ten Dezember stoungen mir schons direkt no Mëtteg bereet. Et war vill ze din. Mat dem **Friddensliicht vu Betlehem**, engem klengen Bonjour vun de Kanner an e puer Kichelcher ausgerëscht, sinn mir **op den Tour** gang fir éler oder krank Mënschen an eiser Géigend ze besichen an mat e bëschen Opmierksamkeit ze beschenken. D'Erfahrung vu ville Joeren weist eis, datt daat ville Mënschen vill bedeit, an datt eng Reih Leit, mat vill Freed am Härz schons lang virun Krëschtdag op d'Kanner waarden.
- Duerno hu mir eis't Material an d'Kiirch gedroen wou um fréien Owend eng **Familljemass** op dësem hellegen Owend gefeiert ginn ass. Hei haten mir bei der Gestaltung eng Hand matunzepaken an zum Ofschloss hu mir all Mënsch, deen dat wollt, mat enger klenger Krëppchen beschenkt an der eng Kärz mat der Flaam vun Betlehem gebrannt huet. Ganz vill der Krëppercher haten eis Kanner an de vergangenene Versammlungen gebastelt, an um Enn waren se all verdeelt.
- Knapps war en neit Joer ugebrach, du goufen mir schons nees aktiv. Méindes den 2ten Januar sinn eis Raro'en op **Suessem** an den neien Chalet vun de Suessemer Scouten agezunn an hun do dem Stanislas seng Montée gefeiert. Den nächsten Dag schon war et mat hirer Rouh eriwer, well du koumen och d'Carapio dohin, gefollegt vun den Explorer den Dag drop an vun de Wëllef an de Biber déi Freides den 6te Januar 2006 och komm sinn fir eise gemeinsamen **Wantercamp** ënnert dem Thema „ **Kreuzfahrt**“. Eng Reih Monté'en, Atelier'en, Hiken an Trapperkichen am wanterlèche Bësch stongen um Programm. Mais den absoluten Highlight war ouni Zweifel eise **Käptensdinner** Freides owends. De Käpten Watgen a seng Crew hu sech eng Eier draus gemacht, hier 62 (!)Leit um Schëff würdeg ze begrëssen an ze versueren. E 4-Gang Menu plus Apérif an dem Lisi seng Biller aus der Südsee, hun eng richtig Traumschiffatmosphäre opkommen geloss. An och vestimentär haten mir eis staark verbessert, wann een mat fréieren Camp'en vergleicht.
- Méindes de 16ten Januar 2006, haten eis Gruppecheff an de Präsident vun eiser Amicale déi **Réunioun** mam neien **Schäfferoot** am Home. Eng Reih Reparaturen a Verännerungen sollten sur Place beschwaat an

décidéiert gin. Op de Gros vun eisen Froen kruten mir eng zefriddenstellend Äntwert. Lo bleiwt ofzewaarden waat draus gëtt.

- Ab 17te Januar 2006 hun sech bei Avex a Pionnéier **d'Versammlungen** nëmmen nach ëm den **Teater** gedréihnt. D'Nadine an den Tim haten eis e Stéck aus dem Zirkusmilieu quasi op de Laif geschriwwen, an deem huet elo missten Liewen agehaucht ginn.
- Freides den 20ten Januar 2006 sinn eis Raro mat karéierter Mutz a Luppen duerch d'Staadt geflitzt. Zesummen mat de Gasperecher Raro hun sie e flott **Stadtspill** à la Sherlock Holmes erlieft.
- Dënschdes de 24 te Januar 2006 hate mir op eis **Generalversammlung** an den Home invitéiert. Eng ganz stark Präsenz vun de Memberen vum neien Duelemer Gemengerot huet eis gewisen, datt eis Aktivitéiten och bei den öffentlechen Autoritéiten Unerkennung an Önnerstëtzung fannen.
- Freides den 3te März ( an der Fuesvakanz) war décke Schnéi gefall. Spontan hun eng Rëtsch Cheffen, Pio a Raro s'ech organiséiert, fir zu Syren mol rëm richteg **Schlittfuere** ze goen.
- Samsdeg den 11te März huet d'Kulturwelt den Otem ugehalen. D'Duelemer Scouten haten op hiren **Theater** invitéiert. Den Ufank hun d'Wëllef gemacht mat „ *en Alien zu Duelem*“, duerno koumen d'Carapio mat „ *Aschenputtel*“ gefollegt vun den Raro mat 2 flotte Sketscher. Den Hauptplat war awer eist selwergeschriwwent Stéck „ *waat en Theater am Staatszirkus*“ dat vun Avex a Carapio gespillt gouf, woubei sie och vun eise Biber mat engem charmanten Optrëtt ( *Manna Manna*) ënnerstëtzt goufen. E grouss Merci och un eis Amicale, déi eis perfekt logistesche flankéiert hun.
- Dënschdes de 14te März hate mir eis Memberen an all Frënn a Wohltäter fir owends an den Home bestallt, fir do mat Gegrills, Desserten a munch guddem Patt, den **13te Gebuertsdag** vun eisem Scoutsgrupp ze feieren. Bei der Gelegenheit, kruten mir e flotten Encouragement a Form vun engem Subside vun der Elterenvereenegung. Heifir nach eng Kéier en décke Merci.
- Freides den 24te März waren mir schon nees am Home fir ze feieren. Anlass war hei eist alljährléicht **Iessen mat der Chefféquippe**, der Amicale an all deene Leit, déi eis am Laaf vum Joer gehollef hun.
- Op der **Kavalkade** zu Réimech Sondes de 26te März waren och nees eng Reih vun eise grouss Scouten beim Won vun de Réimecher Scouten matgangen. Verkleed wéi sie waren, ( Elefant) huet keen sie erkannt.
- An d'Explorerversammlung vum 4ten Abrëll, huet d'Samantha als éischten Avex, e Spill matbruecht a selwer mam Trupp duerchgezunn. Domat huet hat eng regelrecht Lawine a Gang gesat, well an den nächste Wochen waren mir Cheffen am chômage. Sou wéi et am Idealfall sollt sinn ( wéi et sou awer nach nie geklappt huet), hun eng ganz Reih Avex Aktivitéiten ( Spiller an Atelier'en) virbereet a matbruecht. Sou hu mir e „Beauty-atelier“ mat alle Schikanen erlieft ( deen awer bei eenzelne Cheffen neischt méih rette konnt), mir sinn visuell a kulinarisch an de Libanon matgeholt gin a kruten flott Spiller viirgestallt woubei dat mat de Wëllef an de Schoof am meeschte Succès hat ( och wa mir laang net eens gi sinn).
- Donnegdes den 6ten Abrëll 2006 haten mir eis RV zu Fëlschdrëff an der Kiirch gin, fir mat de Fëlschdrëffer Leit zesummen, de **Kraizwee** vun eiser Här Jesus Christus matzeerliewen. Leider haten s'ech nëmmen ganz wéineg Grouss Scouten afonnt. Duerfir waren déi kleng Biber a Wëllef ëmsou méih ärdeg derbei.
- An der Ouschtervakanz op den 9ten Abrëll hat d'Gemeng d'Duelemer Vereiner zu enger **Grossreinemachaktioun** an Flouer a Gewaan opgeruff. Mat 36 Teilnehmer hat eise Scoutsgrupp een vun de gréissten Kontingent'e gestallt. Besonnesch vill Kanner sinn dobei angenehm opgefall.
- An der nämlecher Vakanz waren de Fonny an de Machti mat der Route an de **Vietnam** gereest, fir do mat kierperlechem Asatz aneren Mënschen en Dingscht ze leeschten, an esou hir't Verständnis vum Scoutismus konkret ze liewen. Bei Hike an Excursiounen hun sie dobei e faszinéierend Land kenne geléiert.
- De Weekend vum 29 an 30ten Abrëll stoung mol eppes ganz Neies um Programm. Mir haten alle Branchen vun eisem Grupp Rendez-vous gin fir de **Keltenhausweekend**. Hei gong et drëms, beim Opbauen vum orinalgroussen Keltenhaus um Neihaisgen eng Hand mat unzepaken. All haten se hir Platz fonnt, vun de Biber bis bei d'Pio'en. Eis Amicale huet gudd fir eis gekacht, an eng gemeinsam Mass an der Scoutskapelle um Neihaisgen an eng flott Keltenveillée hun dëss flott Aktivitéit ofgerënnt. Schued nëmmen, dat de Sondeg am Reen „ennergang“ ass.

- Den 3te Mee huet eise Grupp **d'Fréijoersrencontre vun de Gruppecheffen** vun eisem Verband ausgeriicht. Vill fleisseg Hänn hun matgehollef, datt sech eis Invité'en zu Duelem am Centre wuelgefillt hun an dëse Meeting e Succès gouf.
- Samsdes den 6te Mee owends haten mir eis mat enger ganzer Reih Avex, Pios a Raro am Home afonnt, fir eis op de **Pélé des jeunes 2006** anzestëmmen. Mat enger Raclette fir de Kierper, an enger Veillée fir de Geescht anzestëmmen, sou hun mir eis op de Pilgergang an d'Stadt virbereet. Eise Wee war lang an hart (20 km), an huet eisem Gebiet mam Kierper (Pélérinage) déi éierlech Déift ginn, déi dat Ganzt daitlech vun enger simpler Nuetswanderung ofgegrenzt huet. Duerfir huet eis de Kaffi um Märtchen no der Pélésmass och ëm sou besser geschmaacht.
- Den nächsten „tour de force“ stung virun der Dir. Mëttwochs den 24te Mee owends war **d'Miniplaybackshow** als Ouverture fir eis **Scoutskirmes** den 25te Mee ugesot. Déi bäschte Präparatioun kann nëtt hir voll Friichten bréngen, wann d'Wieder nëtt matspillt, dat sollte mir dëst Joer erfueren. Mais trotz Reen a Keelt, hu mir eis't Fest duerchgezunn, an fir d'Ëmstänn war eis't Resultat awer nach gudd. Jhust d'Zelter, déi kruten mir réischt Samsdes an enger klenger Reenpaus drëschen ofgeriicht.
- An der Paischtvakanz waren dun eis **Pio'en** um Tour. Am Scoutszenter **Brexachtal** (D) hun sie während 6 Deeg „Zoo“ gespillt. Allerlee Viecher waren derbei, mais am meeschten schéngen sech diebische Elstern ageschlach ze hunn, wann een déi iwerraich Beute u Schëlde a Fändel kuckt déi sie matbruecht hun.
- Vun Donnegdes dem 8te Juni nomëttes bis Samsdes dem 10te Juni nomëttes waren d'Avex op Lenningen, fir sech op engem **Technikweekend** an de Scoutstechniken fir de Summercamp fit ze machen. Nei Kenntnisser an 1. Hëllef, Kniet, Orientatioun goufen duerch entspriechend Badger belount, an niewebe bei hun sie och nach zu Lenningen un engem neien WC-Haischen an engem Baakuwen gebaut.
- Sondes den 18ten Juni waren eis Biber déi éischte Kéier bei engem **Bibertreff** derbei.
- Donnegdes den 22te Juni sinn mir bei de Feierlechkeeten zum **Nationalfeierdag** derbeigewiecht.
- Fir **d'Paarfest op der Klaus zu Trenténg** den 9te Juli waren mir gefrot ginn, fir mat eisen Zelter auszehëllefen. Leider hat eis Chefféquipe keng Zeit fir eng regelrecht Partizipatioun mat eise Scouten ze organiséieren, mais e puer trei Leit aus eise Reihen hun sech fonnt, fir wéinstens déi 3 Zelter op an och nees oofzeriichten.
- An de lëschte Wochen virun der Vakanz war och op der Wiss iwert dem Home eng weider lass. Eis Raro'en si mam décke Geschier ugeréckt, fir mat Baamstämm a grouse Steng, eng zünfteg **Feierplätz** unzeléen.
- Den Héichpunkt vun engem Scoutsjoer, d'Summercamp'en stungen virun der Dir.
- Vum 19ten bis den 29te Juli waren eis Avex mat +- 500 aneren Scouten um **Tupelay** zu Schous bei Miersch. Hei huet sech alles ëm d'Zait an de Scoutismus gedréint, an op enger flotter Kiirmes (bei tropeschen Temperaturen) konnten sech d'Elteren an eis Frënn e Bild maachen, wéi et op sou engem Camp zougeet. E flotten Hike, Atelier'en Veiléen a ganz vill nei Frënn hun dëse Summercamp zu engem ganz extra'en Erleefness an der Scoutscarrière vun all Bedeelegten gemacht, och wann mir Duelemer bei de Bobo'en e Spëtzeplätz an der Infirmerie besaat haten (dat war jhust fir de Fonny ze gesin).
- Mais och eis **Wëllef** waren lancéiert. Vum 23ten bis den 26 Juli haten sie sech zu Munshausen agenistet fir hiren Camp: „**Natur hautno**“. Bei flotten Aktivitéiten an a mat der Natur hun sie e schéine Camp kënnen erliewen. A fir dat ganzt méih komplett ze maachen, sinn och nach eis **Biber** e puer Deeg fir en 1ten richtige Camp bei sie gestouss.
- An der Summervakanz den 2ten August ass nach d'Valerie Millim vun eise Raro'en mat 30 aner LGS'ler fir 3 Wochen an den **Niger** an Afrika geflunn. Sie hun do ë. a. deen Scoutszenter färdeg gebaut, un deem schons 2003 d'Lisi, de Fonny an de Machti matgebaut haten. Wann ee wees, datt déi jonk Leit hir Reesen ganz selwer bezuelt, an hir Vakanz duerfir hiergin hun, da kann een besser apprécieieren, wéi eescht sie hiren Engagement, als Scouten eng besser Welt ze hannerloossen, huelen.
- Niewt dësen Aktivitéiten gehéieren weider opgezielt: Ëm déi 120 Versammlungen mat eise Scouten (all 5 Branchen zesummen), 4 Grupperéit, an eng ganz Rëtsch Präparatiounstreffen vun de Cheffen. Mir haten eis dach eng kleng Paus verdéngt? Oder?